

Nei Aktivitéit am CIPA: Therapiehund Akira

Besuch op véier Patten



Zënter dem 10. Oktober. 2016 hu mir en neien aussergewöhnleche Projet.

All 2 Wochen kréien mir Besuch vum Sarah a Sabrina Mentzen an dem Husky Akira.

D'Akira ass een ausgebillten Therapiehund, deen geléiert huet mat Mënschen ze schaffen an mat sengem waarme Gemitt schnell d'Häerzer vun de Leit ze gewannen.

D'Akira huet mat senger doucer Aart scho ville Mënsche konnten hëllef. Vun Jugendlecher bis hinn zu Mënsche mat enger Behënnerung a Senioren war d'Akira schonn am Asaaz an huet gewisen, datt den Dialog tëscht

Mënsch an Déier eng ganz aner Ebene huet, wéi déi tëscht Mënsch a Mënsch.

Si bréngen eis zur Rou mat hirer waarmhärzeger Aart a Weis a kënnen doduerch eng heelend Wirkung op eis hunn. Net fir näischt gëlle si oft als déi beschte Frënn vun de Mënschen.

All déi Bewunner, déi den Kontakt mam Déier vermëssen an d'Akira gäre wëlle enneléieren, sinn häerzlech Wëllkomm luussen ze kommen.



Linda an d'Equipe
vun der Zeitungsredaktioun

